# D'Annexe vum nationale Literaturzenter zu Miersch

Cléo Thoma

Mëtt Oktober gouf zu Miersch d'Annexe vum nationale Literaturzenter offiziell ageweit. No oppwennege Restauréierungsaarbechten, déi jorelaang gedauert hunn, huet dat alt „Becker-Eiffes-Haus", direkt nieft dem Servais-Haus, elo eng nei Funktioun. Et enthält ë.a. Büroen, e Reuniounssall, a virun allem, d'Häerzstéck vum CNL: 2 klimatiséiert Archivraim, wou all d'Archive vum nationale Literaturzenter ënnerbruecht sinn. Datt och mat dëser neier Infrastruktur an d'Lëtzebuerger Literatur investéiert ginn ass, ass net onbedéngt eng Selbstverständlechkeet, an dach eng gutt a richteg Saach. Doriwwer wor ee sech bei der Inauguratioun eens.

Am Kulturjoer 1995 krut den nationale Literaturzenter, oder CNL, säin Doheem, am Servais-Haus zu Miersch. Deemools gouf alt net mat Kritik gespuert: hei géif e Mausoleum fir e puer verstëbste Gestalten opgeriicht ginn, fir déi sech dach kee méi serieux géif intresséieren, houscht et. An dann och nach zu Miersch, also souzesoen an der Pampa.

Ganz ofgesinn dovun, datt Miersch zentral geleeën an excellent Bus- an Zuchverbindungen huet, an de CNL mat dozou bäigedroen huet, fir déi charmant Uertschaft kulturell opzewäerten, konnt den nationale Literaturzenter an deene leschte 14 Joer seng Wichtegkeet ënner Beweis stellen. A grad d'Tatsaach, datt en erweidert huet misse ginn, weist jo och, datt en a senger Funktioun konfirméiert gouf, sot d'Kulturministesch Octavie Modert bei der Inauguratioun vun der Annexe.

Tatsächlech wor den Ausbau batter néideg ginn, well dat schéint alt Servais-Haus eleng einfach net méi genuch Plaz gebueden huet. Erageplënnert war d'Direktesch vum CNL, d'Germaine Goetzinger, 1995 mat knapps 10 000 Bicher an enger Handvoll Schrëftstellernoläss. Doraus sinn awer an der Tëschenzäit iwwer 30 000 Bicher ginn: mol net abegraff dora sinn déi deels ganz grouss Privatbibliothéike vu Schrëftsteller, déi vum CNL versuergt ginn. Dernierft 283 perséinlech Fongen: ee Patrimoine littéraire vun engem onschätzbare Wäert, wéi d'Germaine Goetzinger betount: Manuskripter, Bréiwer, Journalen an Noten, Tableauen a Fotoen, mä och Géigestänn, wéi Schreifmaschinnen zum Beispill. Nieft all deem sammelt den nationale Literaturzenter konsequent Presseartikele vun hei mä och aus dem Ausland, an deenen iwwert dat literarescht Liewen zu Lëtzebuerg Rieds geet. En huet Collectiounen opgebaut: vun Tableauen, Fotoen, Postkaarten, Plakater. Den CNL ass net just eng Bibliothéik, mä och eng Plaz wou gefuerscht, wou recherchéiert gëtt – a wou och Chercheure vun ausserhalb, y compris aus dem Ausland wëllkomm sinn – an engem ale Niewegebäi vun der Annexe, dat an 2 Studioen ëmgebaut gouf, kënne si elo och souguer hebergéiert ginn. An net zulescht mécht den nationale Literaturzenter seng Aarbecht visible, duerch Ausstellungen zum Beispill, wéi déi aktuell iwwert den Dicks. An anere Wierder, et ass eng oppen Institutioun, an engem agreabele Kader, eng déi sech hir Plaz an der Lëtzebuerger Kulturzeen wuel verdéngt huet. Et sollt een hir déi Plaz dann och zougestoen. A well de Staat jo zënter 1999 am Besëtz vum Gebai direkt nieft dem Servais-Haus ass, misst et op der Hand geleeën hunn, datt den CNL och dëst Gebai sollt kënnen an Usproch huelen.

Sécher, d'Restauratiounsaarbechte vun der Annexe ware laang an opwenneg: bis op déi 3 Bausse-Maueren, déi stoe gelooss an am Respekt vum bestoenden Material renovéiert goufen, gouf dat ganzt Haus entkäert an op Péil komplett nei opgeriicht. D'Häerzstéck, d'Archive, ass ënnert dem Dach ënnerbruecht: an engem Ëmfeld bal komplett aus Bëtong, fir datt och nëmmen näischt geschitt – oder wann, fir de Schued dann esou minimal wéi

**Datt och mat dëser neier Infrastruktur an d'Lëtzebuerger Literatur investéiert ginn ass, ass net onbedéngt eng Selbstverständlechkeet, an dach eng gutt a richteg Saach.**

*D'Cléo Thoma ass Kulturredactrice um radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

méiglech ze halen. An dat, an och de ganze Rescht – d'Ëmbauaarbechten hunn 3 an eng Véirels Milliounen Euro kascht – si mer eisem Patrimoine littéraire awer schëlleg. Säi Succès gëtt dem nationale Literaturzenter recht, och wa seng wichteg Funktioune beim breede Public vläicht net ëmmer bekannt sinn. Eng ganz Serie vu Kulturministeren a -ministesche par conter huet, glécklecherweis, a fir d'Germaine Goetzinger ze zitéieren, erkannt, „datt d'Conservatioun vum Patrimoine littéraire an d'Fleeg vum literaresche Gediechtnes bäidroen zur historescher Selbstvergewësserung". D'Aweiung vun der Annexe, sou d'Germaine Goetzinger weider, „setzt e staarkt Zeechen dorfir, datt och a Krisenzäiten den Investissement an d'Kultur e wichtegt Element vun enger nohalteger Entwécklung a Gestaltung duerstellt".

Däer sympathescher Direktesch vum CNL an hirer ganzer Equipe sief och fir d'Zukunft vill Succès gewënscht. ◆

*Kulturchronik vum 27.10.2009*